LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse commune du Ministre de l’Économie, des PME, de l’Énergie et du Tourisme et du Ministre du Travail à la question parlementaire N°3049 du 16 octobre 2025 de l’honorable Député Marc GOERGEN concernant « Impact de l'IA sur l'emploi ».**

**Fro N°1: Wéi eng Aussiichten huet d'Regierung iwwert d'Entwécklung vu weideren Aarbechtsplazen hei am Land?**

Wéi an der Äntwert op d‘Question parlementaire N°2794 erwäänt, weisen Etuden dorop hin, dass eng grouss Majoritéit vun de Beruffer mat KI zesummeschaffe wäert, wat zu engem Produktivitéitswuesstem an neien Aarbechtsméiglechkeete féiere kann.

D’ADEM huet am Juni 2025 eng thematesch Etüd iwwert d’Entwécklungen an d’Tendenzen am Informatiksecteur publizéiert. Nieft der quantitativer Analys op Basis vun den Donnéeë vun der ADEM, gouf am Februar 2025 och eng qualitativ Analys duerchgefouert, baséierend op Interviewe mat siwe Gesellschaften, déi am Beräich vun der Programméierung an der Informatikberodung (Secteur J62 vun der NACE-Klassifikatioun) aktiv sinn. D’ADEM huet domat hir Zuelen an Observatioune mat de Meenunge vun Experten aus der Praxis verglach.

Aus den Interviewe geet ervir, datt d’Thema kënschtlech Intelligenz (KI) aktuell staark um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart diskutéiert gëtt. D’Berodungsgesellschafte bilden hir Mataarbechter an däser neier Kompetenz aus a si passen och dorop op, wann si CV‘e kréien. Si integréieren dëst Thema an hir Déngschtleeschtungsoffer, mee bis elo hunn si nach wéineg Projeten, déi KI direkt fir spezifesch Besoinen asetzen. Fir d’Entreprise schéngt et allgemeng schwéier ze sinn, ze wëssen, wéi KI integréiert ka ginn an ze bewäerten, wéien Impakt dës op hir Aktivitéite wäert hunn. Initiative wéi d’*AI Factory*, de Programm *Fit4AI* an d’*AI Excellence Awards* sollen hëllefen, den Ekosystem ze strukturéieren an d’Maturitéit vum Maart ze stäerken.

Och wann d’Entreprisen, déi befrot goufen, nach keen direkten Impakt vun AI-Projete spieren, zeechent sech eng Tendenz an de Beschreiwunge vun de Stellenausschreiwungen of, déi bei der ADEM gemellt goufen. 2024 hunn Ausschreiwungen déi 380 fräi Plaze betreffen, d’Begrëffer „Intelligence artificielle“ oder „IA“ ernimmt, am Verglach zu nëmme 5 Plazen am Joer 2015. „*Machine learning*“ koum 2025 an 274 Plaze vir, am Verglach zu 16 am Joer 2015. „*Data science*“ an „*Data mining*“ hunn och e bemierkenswäerte Wuesstem an de Stellenausschreiwungen erlieft.

D’ADEM huet och eng detailléiert Analys vun de KI-Kompetenzen duerchgefouert, déi an de Stellenausschreiwunge vun de Betriber ernimmt ginn. Dës Analys deckt eng breet Pallett vu Kompetenzen of, dorënner „Ma*chine learning“, „Natural language processing“*, generativ KI, neuronal Netzwierker, „C*omputer vision“*, souwéi kognitiv Robotik. D’Detailer vun dëser Analys kënnen am Zoom Emploi (Zoom sur les évolutions et tendances récentes dans le domaine de l’informatique) nogelies ginn (ab der Säit 21).

Obwuel de Beschäftegungsmaart nach net vollstänneg op d'Entwécklung a Verbreedung vun der kënschtlecher Intelligenz virbereet ass, ass et wichteg, d'Verännerunge virauszesoen. Dës Virbereedung geschitt virun allem duerch d'Entwécklung vu Kompetenzen an déi kontinuéierlech berufflech Weiderbildung, fir de Beschäftegten ze erméiglechen, sech un déi Transformatiounen unzepassen an d'Méiglechkeeten ze notzen, déi d'KI bitt.

Schonn am Joer 2019 huet d'OCDE an der Publikatioun „Perspectives de l'emploi 2019 - L'avenir du travail" déi wichteg Roll vun der beruffflecher Weiderbildung ervirgehuewen, fir datt déi Beschäftegt sech erfollegräich un déi séier Verännerungen um Aarbechtsmaart upasse kënnen.

Fir d'Verännerungen um Aarbechtsmaart, besonnesch déi am Zesummenhang mat der kënschtlecher Intelligenz, ze begleeden, hunn den Aarbechtsministère an d'ADEM de *Skills-Plang* ausgeschafft. Dës finanziell Hëllef, baséierend um Gesetz vum 19. Juni 2025, ënnerstëtzt d'Betriber dobäi, d'Evolutioune vun hire Beruffer virauszesoen an d'Kompetenze vun hire Mataarbechter ze entwéckelen. Si erméiglecht:

- den Erhalt vun der Beschäftegung duerch realistesch *Upskilling*- a *Reskilling*-Weeër,
- d'Stäerkung vun der allgemenger Employabilitéit vun de forméierte Mataarbechter,
- d'Erhéijung vun der Kompetitivitéit an der Resilienz vun de Betriber, andeems d'Kompetenzen entwéckelt ginn, déi den Aarbechtsmaart brauch.

**<u>Fro N°2:</u> Wäert d'Unzuel un Aarbechtsplazen eropgoen oder erofgoen?**

Och wann de nationalen Emploi am Juli an am August 2025 zréckgaangen ass, wéi den éierbaren Deputéierten et an der Aféierung zu senge Froen ernimmt, ass dëse Réckgang nëmmen op saisonal Effekter zréckzeféieren. Den nationalen Emploi geet all Joer am Juli an am August zeréck, och an Zäite vun Héichkonjunktur, fir dann an den dräi Méint duerno (vu September bis November) erëm ze klammen. An den Zuele wou déi saisonal Variatiounen neutraliséiert ginn, huet de nationalen Emploi an de leschte Méint weider zougeholl.

Souwuel den nationalen Emploi, wéi och de bannenzegen Emploi (deen d'Frontaliere mat arechent), sinn an de leschte Jore weider geklommen. Zanter 2022 an a direktem Zesummenhang mat enger manner dynamescher Wirtschaftsentwécklung, ass de Wuesstum vum Emploi zu Lëtzebuerg awer méi lues ginn, an huet sech tëscht 2024 an 2025 op engem historesch niddregen Niveau stabiliséiert. Fir d'Joer 2025 insgesamt gëtt e moderate Wuesstem vum Emploi vun 1,0 % erwaart (t'selwecht wéi fir 2024). Ab 2026 rechent de STATEC mat engem moderate Wuesstum vum Emploi (+1,5 %) an engem liichte Réckgang vum Chômage (vu 6,0 % op 5,9 %). Déi rezentst mëttelfristeg Previsioune vum STATEC kennen um Internetsite vum STATEC nogelies ginn: Projections à moyen terme (2025-2029).

Statistesch Previsiounen zu der Entwécklung vun der Beschäftegung hunn en ongewësse Charakter, wéinst der Villfalt an der Komplexitéit vun de Facteuren (wirtschaftlech an technologesch Entwécklung, internationaalt Ëmfeld, asw.), déi den Aarbechtsmaart beaflossen. D'Previsiounen erlaben et Entscheedungen ze orientéieren, och wann déi final Zuelen aus de genannte Grënn kennen ofwäichen.

Luxembourg, le 12 novembre 2025

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**